Préizerdaul, 20.03.2020

**Offiziell Matdeelung vum Schäfferot vun der Gemeng Préizerdaul zur aktueller Situatioun (Covid-19)**

Léif Matbiergerinnen, léif Matbierger,

Mir wëllen Iech op dëser Plaz nach emol e puer wichteg Moossnamen vun de läschten Deeg a Stonnen zesummefaassen:

- **D'Büroe vun der Gemeng bleiwe fir de Public zou, mee** d'Servicer vun der Gemeng si weiderhin disponibel an iwwer Telefon a Mail z'erreechen:

| | | |
|---|---|---|
| **Biergercenter / Etat civil :** | **266 299-140** | **population@preizerdaul.lu** |
| **Secrétariat :** | **266 299-100** | **secretariat@preizerdaul.lu** |
| **Service Technique :** | **266 299-130 / 621 137393** | **technique@preizerdaul.lu** |
| **Recette :** | **266 299-120** | **recette@preizerdaul.lu** |

- Eist Personal vun der Maison Relais bidd all eelere Leit oder Leit, déi gesondheetlich nit méi esou fit sinn, un **gratis fir Iech akafen ze goen, an d'Apdikt ze fueren oder soss liewenswichteg Kommissiounen** ze machen. Meld Iech duerfir beim Patrick Antony um tel **691 421 262** oder per mail um pantony@preizerdaul.lu.

- Besonnesch fir déi eeler Matbierger kann et villäicht interessant sin, vum „**Repas sur roues**" Gebrauch ze maachen. Heifir kenn Dir direkt d'Croix-Rouge zu Kolpech kontaktéieren (Tel. 2755 – 5000 / isabelle.bock@croix-rouge.lu).

- De Senior **Club Atertdall** huet och een oppent Ouer fir eis eeler Matbierger um Tel. 2755 – 3370 tëscht 9 an 12 Auer. Maacht Gebrauch dovun, wann et Iech dono ass.

- **D'Schoulen, d'Maison Relais an d'Crèchë bleiwen zou bis Sonndes den 19. Abréil 2020**.

- All **Fester, Versammlungen an aner Aktivitéiten** oder privat Feieren an de Gemengeninfrastrukture si bis op Weideres annuléiert.

- D'**Spillplazen**, **de Fussballsterrain, de Schoulhaff an all aaner öffentlech Plaazen** an der Gemeng sinn zou.

- De **SIDEC Recycling-Park zu Réiden** an d'**Gréngschnëttsammelstell** um Haff Schreiber sin zou.

- D'**Kleedersammlung** vum Donnersdeg, 26. Mäerz 2020 ass ofgesot, genee esou wéi d'**Grouss Botz** vum 4. Abréil 2020.

**Zum Schluss maache mir ee ganz eeschten Appel och un eis Jugend sech onbedéngt un d'Moossnamen a d'Recommandatioune vun den Autoritéiten ze halen, dëst am eegenen Interesse, awer virun allem och aus Solidaritéit vis-à vis vun den eelere Matmënschen !**

**Bleift gesond a bleift doheem, wann et nëmme méiglech ass !**

Aktuell Informatiounen op www.preizerdaul.lu an op eiser Facebooksäit

Préizerdaul, 20.03.2020

**Avis officiel du collège des bourgmestre et échevins dans le contexte actuel (Covid-19)**

Chers citoyennes, chers citoyens,

Nous tenons à vous rappeler certaines mesures importantes de ces derniers jours et heures :

- **Les services de l'administration communale sont fermés au publ**ic, mais pourront être contactés par téléphone ou par mail :

| | | |
|---|---|---|
| **Bureau de la population / Etat civil :** | **266 299-140** | **population@preizerdaul.lu** |
| **Secrétariat :** | **266 299-100** | **secretariat@preizerdaul.lu** |
| **Service Technique :** | **266 299-130 / 621 137393** | **technique@preizerdaul.lu** |
| **Recette :** | **266 299-120** | **recette@preizerdaul.lu** |

- Le personnel de la maison relais offre gratuitement aux personnes âgées, respectivement aux personnes vulnérables **le service pour faire des courses, aller à la pharmacie ou faire d'autres besognes indispensables**. N'hésitez pas à contacter M. Patrick Antony au tel. : 691 421 262 ou par mail pantony@preizerdaul.lu.

- Surtout pour les personnes âgées, il pourrait être intéressant de recourir au **service « Repas sur roues »**. A cet effet, la Croix-Rouge à Colpach vous prie de bien vouloir les contacter directement au tel. 2755 – 5000 ou via mail isabelle.bock@croix-rouge.lu).

- Le **Club** Senior **Atertdall** est à l'écoute des personnes moins jeunes au 2755 – 3370 entre 9 et 12 heures. Profitez-en.

- **Les écoles, maisons relais et crèches seront fermées jusqu'au dimanche 19 avril.**

- Toutes **fêtes, réunions et autres activités** ainsi que les fêtes privées organisées dans une des infrastructures de la commune sont annulées jusqu'à nouvel ordre.

- Les **aires de jeux, le terrain de foot, la cour de l'école ainsi que toutes places publiques** sont fermés.

- Les **parcs à conteneurs** du **SIDEC** ainsi que l'**aire de collecte de déchets verts** à la ferme Schreiber sont fermés.

- La **collecte de vieux vêtements** du jeudi, 26 mars 2020 est annulée, de même que l'action **« Grouss Botz »** du 4 avril 2020.

**Permettez-nous de lancer finalement un appel très sérieux à nos jeunes gens de se tenir scrupuleusement aux mesures et recommandations des autorités, ceci dans leur propre intérêt, mais surtout également dans un esprit de solidarité vis-à-vis de leurs proches plus âgés !**

## Veillez à votre santé et restez à la maison si possible !

Informations actuelles sur www.preizerdaul.lu et sur facebook